N°4657
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 20. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„Als implizit Staatsverscholdung bezeechent ee generell finanziell Verpflichtungen an der Zukunft, déi a kenger offizieller Scholdstatistik opdauchen. Et handelt sech virun allem ëm Pensiounsrechter, déi aus der Renteversécherung resultéieren, déi hirersäits nom Ëmlageprinzip finanzéiert gëtt, an ëm Pensiounszousoe fir Staatsbeamten an -employeeën.

An deem Kader wollt ech dem Här Finanzminister an der Madame Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Wéi huet sech d'Schold vum Lëtzebuerger Zentralstaat pro Awunner an am Verglach zum Bruttoinlandprodukt zanter 2020 entwéckelt a wéi héich ass d'Zënslaascht an där Zäit ausgefall? Wat sinn d'Schätzungen a punkto Zënslaascht a Staatsverschëldung bis d'Joer 2030?
- Wéi huet sech déi implizit Staatsschold an dësem Zäitraum entwéckelt – insgesamt an och pro Awunner?
- Wéi situéiert sech Lëtzebuerg aktuell a punkto implizit Staatsverschëldung am OECD-Kontext?“

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu